1-2021-O-M-7193-01 (n°3909)

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dépôt: Sven Clement
Heure d'actualité
- Proposition législative de l'UE
visant à prévenir et à combattre
les abus sexuels sur les enfants en ligne

Lëtzebuerg, den 16/06/2022

1

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Dass e.a. d'Charta vun de Grondrechter vun der europäescher Unioun de Respekt vum Privat- a Familljeliewen an de Schutz vu persounebezunnen Date mat den Artikele 7 an 8 festschreift;
- Dass d'Recht op Privatsphär souwuel am Artikel 11 (3) vun eiser Verfassung, wéi och am Gesetz vum 11 August 1982 concernant la protection de la vie privée verankert ass;
- Dass d'Bekämpfung vum Kannermëssbrauch eminent wichteg ass;
- Dass een doduerch aner Grondrechter net gänzlech aushielegen däerf;
- Dass et wichteg ass, an deem Beräich een uerdentlechen Equiliber ze fannen;
- Dass d'EU Kommissioun den 11te Mee seng zweet legislatif Propos zur Bekämpfung vun Abus sexuels vu Mannerjäergen am Internet gemaach huet;
- Dass des Propositioun vun Datschützer kritiséiert gëtt, well duerch dës Propos all Biller, Videoen, Messagen a Sproochnoriichten aus Chats op Inhalter gescannt ginn. Domat wier dat digitalt Bréifgeheimnis net méi assuréiert;
- Dass de Risk besteet, dass déi viséiert kriminell Persounen sech nei Platformen sichen, wou si net vun der EU-Kommissiouns-Propos betraff wären;
- Dass eng Ëmsetzung vun der genannter Propos mat erhieflech Risike fir d'Sécherheet vun eiser gesamter Online-Kommunikatioun verbonnen ass.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

- Sech zum digitale Bréifgeheimnis ze bekennen;
- Sech am EU-Conseil dofir anzesetzen, dass de Screening vu Biller, Videoen, Messagen a Sproochnoriichten, d.h. déi sougenannten Chatcontrol, aus der Propos entfält.

S. CLEMENT M. Goergen L. MOSAR Hansen Martine S. Gillès Roth